



**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°8202 du 3 août 2023 de Madame la Députée Elisabeth Margue et de Monsieur le Député Marc Lies au sujet de l'enquêtes de l'Autorité de la concurrence**

D'Regierung äussert sech net iwwert d'Methodologie oder déi genee Konditiounen, op Basis vun deenen dës - oder aner – sektoriell Enquête vum der Konkurrenzautoritéit duerchgefouert ginn. Déi Aarbechte ginn onofhängeg a vertraulech vun der Konkurrenzautoritéit gemaach. De Wirtschaftsministère war also zu kengem Ament an dës Enquête implizéiert. D'Regierung huet weder dës, nach aner Enquête vum der Konkurrenzautoritéit, jeemols an Optrag ginn

Déi um Internetsite vun der Konkurrenzautoritéit verëffentlecht Dokumenter enthalen awer détailléiert Informatiounen an Erklärungen wéi d'Konkurrenzautoritéit bei hirer Enquête iwwert den Immobiliëssektor virgangen ass: <https://concurrence.public.lu/fr/avis-enquetes/enquetes/2023/immobilier-residentiel.html>.

D'Konkurrenzautoritéit ass eng onofhängeg Autoritéit, déi nieft anere Missiounen zoustänneg ass fir d'Uwende vum Konkurrenzrecht zu Lëtzebuerg. Duerch d'Gesetz vum 30. November 2022, dat déi europäesch Direktiv 2019/1 an nationaalt Recht ëmgesat huet, ass d'Onofhängegkeet vun der Konkurrenzautoritéit weider gestärkt ginn: aus enger Administratioun, dem fréiere "Conseil de la Concurrence", gouf en Etablissement public.

Am Kader vun hire Missiounen kann d'Konkurrenzautoritéit sech selwer befaassen, fir Enquêtes an bestëmmte Secteuren ze realiséieren wou de Fonctionnement vun de Konkurrenzbestëmmungen analyséiert gëtt. Déi vun den Deputéierten ugeschwate sektoriell Enquête iwwer den Immobiliëssektor, déi am Juli 2023 verëffentlecht gouf, ass d'Resultat vun sou enger Analys.

Dës Aarbecht ass eng Suite vun der „Enquête sectorielle dans le secteur de la construction et des marchés publics“, déi schon am Oktober 2021 vun der Konkurrenzautoritéit verëffentlecht gouf. D'Enquête "Immobilier résidentiel" ass also keng nei Initiative vun der Konkurrenzautoritéit, mee sou ze soen de Suivi respektiv den zweeten Deel vun enger Analys déi zanter e puer Joer amgaang ass.

Wat de Sozialdialog am Immobiliëssektor an doriwwe eraus am generellen ugeet, esou ass sécher gestallt dass dës funktionéiert, ënnert anerem iwwert déi reegelméisseg Echanges tëschen de Sozialpartner an der Regierung am Kader vum Comité de conjoncture.

Luxembourg, le 29/08/2023

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot